ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Oktober 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Mam ale Kolléisch, wat haut och nach déi al Nationalbibliothéik ass, hu mir net net just en aalt, mee och e schéint Gebai. Duerch seng zentral Lag an der Stad, gëtt et all Dag vun honnerte vu Leit, dorënner och vill Touristen, gesinn. Zënter d'Nationalbibliothéik seng Gebaileechkeete gewiesselt huet, steet dëst Gebai eidel.

An deem Kontext wéilt ech dem Här an der Madamm Minister gär folgend Froe stellen:

1. Firwat gëtt den Haff vun dësem Gebai net méi gefleegt, esou datt dëse propper an net voller Onkraut ass?
2. Ass dëst Gebai genuch securiséiert, grad och am Hibléck op d'Muttergottesstatu am Haff Richtung Ënneschtgaass?
3. Wéini leet d'Regierung der Chamber e Konzept fir déi zukünfteg Notzung vum Gebai vir?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten